LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 26 mars 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 MARS 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°373 du 14 février 2019 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant les opérations aériennes à l'Aéroport de Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an éffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Ufro n°373 vum 14. Februar 2019 vum Här Deputéierte Jeff Engelen

De legale Kader vun der Exploitatioun vum Fluchhafe Lëtzebuerg gëtt am Groussherzogleche Reglement vum 24. Mee 1998 "fixant les conditions d'exploitation technique et opérationnelle de l'Aéroport de Luxembourg" festgeluecht. Dëst Reglement präziséiert d'Éffnungszäiten an d'Ausnahmefäll dozou.

Als "Fluchbeweegunge" gi souwuel d'Départen, wéi d'Arrivéeën vun de Fliger gezielt, mat Ausnahm vun de Mouvementer vu Fligeren ënnert 5,7 Tonnen, Helikopteren a Flich, déi vun enger permanenter Ausnahmereegelung op Basis vum uewe genannte Reglement vum 24. Mee 1998 profitéieren.

Et sinn also just déi kommerziell Fluchbeweegunge betraff, déi sech, no de Statistike vun der Administration de la navigation aérienne (ANA), op 67.927 Mouvementer am Joer 2017, op dat sech den honorablen Deputéierten berifft, belafen.

Dee wichtege Schantje, deen d'Neimaache vun der Pist duerstellt, souwuel duerch seng Gréisst wéi seng Dauer, wäert een bedeitenden Impakt op de Verkéier um Fluchhafen hunn. An der Tëschenzäit ass keng Änderung vum reglementäre Kader virgesinn.

Wat d'Zuel vun de Passagéier ugeet déi um Fluchhafe Lëtzebuerg kënnen empfaang ginn, sou gëtt et iwwerhaapt keng legal chiffréiert Begrenzung. D'Limit ass déi, déi verlaangt, datt d'Sécherheet vun all Passagéier garantéiert ass, am Hibléck vun de physesche Kapazitéite vun den Installatiounen a vum Respekt vun de bestehende Prozeduren.

De Ministère huet en Ensemble vu Moosname am « Aktiounsplang géint de Kaméidi vum Fluchhafen » virgeschloen, deen um Ëmweltportail veréffentlecht ginn ass.

Hei sinn e puer vun de Moosname aus dem Aktiounsplang:

- Modulation des redevances de vol;
- Redevances aéroportuaires;
- Initiatives pour l'optimisation des procédures opérationnelles – Projet « Continuous Descent Operations » ;
- Analyse détaillée des motifs de dérogations du relevé récapitulatif ;
- Limitation de l'utilisation de la poussée renversée à l'atterrissage ;
- Charte de bonnes pratiques en matière de lutte contre les nuisances sonores avec les principales compagnies aériennes (à l'exemple de Cargolux) ;
- Projet « Précision Air navigation » (P-RNAV) ;
- Etude pour une nouvelle zone d'essais moteurs.

Am Joer 2018 ass d'Zuel vun den Nuetsflich em 81 Mouvementer géigeniwwer 2017 erof gaang, an dat obwuel de gesamte Fluchverkéier an deeër Zäit em 6% gewuess ass. Dëst ass d'Resultat vun engem Dialog tëscht den Awunner, de Fluchgesellschaften an der ANA, deen op Ufro vum Ministère zustane koum.